pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här Christian WELTER
Gemengeconseiller

43, avenue de la Gare

L-4873 LAMADELAINE

Referenz :2022.53694.SECR

Péiteng, den 25. November

Betreff: Är Fro vum 26. Oktober 2022
(den Dossier gëtt beaarbecht vum Här Jerry Georges - Tel. : 50 12 51 – 3021)

Här Christian Welter,

Per E-Mail vum 26. Oktober hutt Dir dem Schäfferot folgend Fro gestallt :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

An 10 Joer ass d'Populatioun zu Péiteng immens gewuess: vu ronn 17'000 Persounen am Joer 2012 op iwwer 20'000 Persounen am Joer 2022. Duerch den héije Bevëlkerungswuesstem huet bekanntlecherweis och d'Demande um Wunnmarché ugezunn: zu Péiteng hu sech d'Quadratmeterpräisser an deem Zäitraum méi wéi verduebelt.

Esou wéi den Artikel 25 vum Gemengegesetz et virgesäit, wéilt ech Iech an deem Zesummenhang eng Fro stellen:

1. Wéi vill Wunnunitéite goufen zënter 2012 an eiser Gemeng gebaut?
2. Wéi huet sech zënter 2012 de Bestand u Wunnunitéiten entwéckelt, déi fir sozial Zwecker genotzt ginn?
3. Wéi vill Wunnunitéite goufen zënter 2012 vum Staat, ëffentleche Promoteuren oder der Gemeng gebaut?

Mat Respekt,
Christian Welter
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

Här Welter,

D 'Evolutioun vun den Unitéiten ass tatsächlech impressionant wann ee bedenkt dass iwwer déi leschten 10 Joer 1.290 Unitéiten dobäi koumen an den aktuellen Stand sech Stand haut op elo 7.555 Ménage beleeft.

Vun deenen 1.290 Unitéiten déi geschaf goufen, sinn der insgesamt 178 (also 13,80 %) ënnert der Form vu sozialen Projete realiséiert ginn.

Dës Zuel stellt sech folgendermoossen zesummen :

SNHBM (Atzéngen 51 Eenfamiljenheiser)	51
SNHBM (Atzéngen 2 x 11 Appartementer - Vente)	22
SNHBM (Atzéngen 9 Appartementer - Locatioun)	9
Commune Pétange (Atzéngen 44 Terrains à prix abordable)	44
Fds du Logmnt – Rodange, Rue du Commerce	23
Fds du Logmnt – Rodange, Av. Dr Gaasch 82	14
Ënnerdaach Asbl – Rodange, Av. Dr Gaasch 23	6
Fds du Logmnt – Pétange, rue du Centenaire 1	1
Commune Pétange – Pétange, Rue Gillardin (Anc Off.Soc)	1
Commune Pétange – Pétange, Av. de la Gare 35	1
Commune Pétange – Rodange, Rue de la Gendarmerie 65	1
Fondation Victor Elz – Rodange, rte Longwy 25	2
Main Tendue – Pétange, rue Gëssel /Rue Eglise	1
Kannerschlass – Rodange, rue Michel Rodange	1
Lëtz. Kannerduerf - Rodange, rue M. Adelaïde 5	1

Sous-total **178 realiséiert Unitéiten**

Dësweidere sinn nach eng Rei Projeten an der Planung, respektiv sinn och schonn autoriséiert, sou zum Beispill :

Commune Pétange – Lamadelaine, rue de la Montagne	1
Fds du Logmnt – Rodange, rte de Longwy 44	6
Lotissement Neiwiss II – terrains abpordables	39

Sous-total **46 an der Realisatioun / Planung**

Also insgesamt **224 Unitéiten**

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,